N°7726
Entrée le 20.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7726 vun der honorabeler Deputéiert Cécile Hemmen**

**Ad 1) an 2)**

De *Plan d'études* vum Enseignement fondamental gesäit d'Aktivitéit vun engem Éischt-Hëllef-Cours net systematesch vir. Allerdéngs ginn d'Kanner ënner anerem am Kader vun de Fächer *Découverte du Monde, Éveil aux sciences, les sciences humaines et naturelles* a *Vie et société* sou wéi och bei der Entwécklung vun den transversale Kompetenzen ëmmer erëm un de Sujet vun der Sécherheet erugefouert. Et handelt sech heibäi haaptsächlech ëm eng präventiv Approche, bei där et an éischter Linn dorëms geet, geféierlech Situatiounen ze évitéieren an éischt Unzeeche vu gesondheetleche Problemer eescht ze huelen. Am Kontext vun der éischter Hëllef léieren d'Kanner beispillsweis, datt et wichteg ass, engem Blesséierten ze hëllefen, a si kréien déi entspriechend Telefonsnummere vun der Police an der Ambulanz vermëttelt, fir datt si wëssen, wéi si an enger Noutsituatioun reagéiere sollen an u wee si sech wende kënnen. Spezifesch kënnen déi pedagogesch Équipen dobäi op d'Buch "*Erste Hilfe - für Kinder von Kindern*" zréckgräifen.

Éischt-Hëllef-Course sinn och am Enseignement secondaire net als Aktivitéit virgeschriwwen. Op fräiwëlleger Basis ginn an 29 vun 43 ëffentlechen a private Lycéeën Éischt-Hëllef-Coursen ugebueden. Et leien allerdings keng Angaben iwwert d'Zuel vun de Participante vir. An deem Zesummenhank sief nach präziséiert, datt zanter 2018 a sämtleche Lycéeë Reanimatiounscourse fir all Schüler stattfannen, dëst an engem Zweejoresrythmus an a Kollaboratioun mam Luxembourg Resuscitation Council (LRC).

Op der Internetsäit hey.snj.lu fënnt ee vill Formatiounen, déi vu verschiddene Prestatairë fir Jonker tëschent 16 an 30 Joer ugebuede ginn, dorënner och Éischt-Hëllef-Coursen. Dës Course gi gratis, a reegelméissegen Ofstänn an a verschiddene Sproochen offréiert, fir e méiglech breede Publikum vu jonke Mënschen ze erreechen.

De CGDIS bitt reegelméisseg an iwwert dat ganzt Joer verdeelt gratis Éischt-Hëllef-Coursen an de Gemengen un. Den *Arrêté ministériel du 3 mars 2022 arrêtant le programme et le contenu des formations dispensées par l'Institut national de formation des secours du CGDIS* gesäit vir, datt ee mindestens 12 Joer al muss sinn, fir un engem Éischt-Hëllef-Cours dierfen deelzehuelen.

Am Joer 2022 huet de CGDIS 423 där gratis Coursen ugebueden, un deene 7.985 Participanten deelgeholl hunn.

Niewent dem CGDIS bidden och 54 agrééiert Organismes formateurs en matière de secours Éischt-Hëllef-Coursen un. Ënnert dësen Organisme sinn der och eng Partie am Beräich vun der Jugendaarbecht aktiv.

Am Kader vun der Preparatioun op den aktiven Déngscht beim CGDIS ass den Éischt-Hëllef-Cours och an der Ausbildung vun de Jugendpompjeeë virgesinn.

Op Ufro hi vun de jeeweilege Schouldirektiounen organiséiert de CGDIS och reegelméisseg Éischt-Hëllef-Coursen a Schoulen un. Wéint dem Mindestalter ass dat awer éischter an de Lycéeën de Fall wéi an der Grondschoul. Nieft dem CGDIS sinn och an de Schoulen d'Organismes formateurs an deem Beräich aktiv, wéi zum Beispill d'Rout Kräiz.

**Ad 3)**

Den Artikel L.312-4 vum Code du Travail seet am éischte Paragraf:

*« (1) L'employeur doit :*

1. *prendre en matière de premiers secours, de lutte contre l'incendie et d'évacuation des salariés, les mesures nécessaires, adaptées à la nature des activités et à la taille de l'entreprise et/ou de l'établissement, et compte tenu d'autres personnes présentes, et*
2. *organiser des relations nécessaires avec des services extérieurs, notamment en matière de premiers secours, d'assistance médicale d'urgence, de sauvetage et de lutte contre l'incendie. »*

An de Konventiounen, déi mat de Jugendhaiser, de Gemengen an dem Stat ënnerschriwwe ginn, gëtt follgend Oplag festgehalen :

*« L'organisme gestionnaire veille à ce que le personnel encadrant participe à des séminaires de premier secours dont les connaissances sont à mettre à jour tous les 5 ans (…). »*

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH